

# 20 ANER SAACHEN

## DÉI S DU VLÄICHT NET IWWERT D'WELT VUN DE SPROOCHE WOSST...

**DÄITSCH** a **LËTZEBUERGESCH** sinn déi eenzeg Sproochen op der Welt, an deene Substantive grouss geschriwwe ginn – obwuel dat fréier a ville germanesche Sproochen, wéi Dänesch, Schwedesch an Englesch üblech war.



**ITALIEENESCH** ass réischt säit 2007 déi offiziell Amtssprooch vun Italien! Si baséiert um florentineschen Dialekt, woubäi déi meescht Regione vum Italien hir eegen Dialekter/Sproochen hunn (ongeféier 30 am Ganzen).

### FRËIT SPROOCHELÉIEREN


Schonn e puer Stonnen al Bëbeeën sinn an der Lag, tëschent de Laute vum hirer Mammesprooch an enger Friemsprooch ze ënnerscheiden. Eng Studie aus dem Joer 2013 huet gewisen, dass Bëbeeën schon am Bauch vum hirer Mamm d'Mammesprooch léieren – méi fréi, wéi bis elo ugeholl gouf.



### SPEZIELL FRAGEZEICHEN

Am Spuenesche gëtt bei engem Saz mat enger Fro en zweet Fragezeichen un den Ufank vum Saz gestallt: „¿Cómo estás?“. Am Griicheschen iwwerhëlt ee Semikolon (;) d'Roll vum engem Fragezeichen.

### WÉI ENG SPROOCH ASS ET?



D'Voynich-Manuskript ass e Buch aus dem 15. Joerhonnert, dat an enger Sprooch geschriwwe ass, déi keen identifizéieren, an nach manner liese kann.



An der australescher Sprooch Guugu Yimithirr ginn et keng Wierder fir lénks a riets. D'Mënsche benotzen amplaz Himmelsrichtungen: „Do ass eng Seejomes op dengem südöstleche Been“.

Wisou gi Sproochen an ënnerschiddleche Richtunge geschriwwe? Dat hëngt och vum benotzte Schreifmaterial of: Bei Tënt gouf léiwer vu lénks no riets geschriwwe, sou dass d'Persoun déi schreift, d'Tënt net mat der rietser Hand verwëscht.

Op **SCHWEEDESCH** bedeit „gift“ souwuel „bestuet“ wéi och „Gëft“.



Op **MAZEDONESCH** bedeit „lele“ souvill wéi „wow“ oder „o mei“. Du kanns dobäi awer sou vill „lele“ benotzen, wéi s du wëlls. Du kéints z.B. soen: „Lele lele lele lele lele, wat ass dat fir e schéinen Hond“.



Europäesch Stied sinn ideal, fir eng méisproocheg Diversitéit ze beobachten. Zum Beispill ginn zu London méi wéi 300 Sproocher geschwat!

Ass dir opgefall, dass an der Lëtzebuerger Sprooch **NÄISCHT** mat engem N ufänkt a mat engem T ophält?

**UNGARESCH** a **FINNESCH** sinn zwou net-indoeuropäesch Sproochen, deenen hir Weeër sech virun ongeféier 6.000 Jore getrennt hunn. Si sinn ëmmer nach Geschwëster an der finno-ugrëscher Sproochefamill.



### ASS DAT ENG FLIEDERMAUS?

Wann ee Wuert am Spueneschen all fënnf Vokalen enthält, nennt een et ee „murciélagu“, eng „Fliedermaus“!

**FRANSÉISCH** war iwwer 300 Joer laang déi offiziell Sprooch vum England (tëschent der Victoire vum de Normannen am Joer 1066 an dem Enn vum 14. Joerhonnert).



**MANX** ass eng keltesch Sprooch aus der selwechter Sproochefamill wéi d'Iresch an d'schottescht Gälesch, déi nëmme op der Isle of Man geschwat gëtt.



### DÉI ÉISCHT GEDRÉCKTE SPROOCH

Déi éischt Sprooch, déi gedréckt gouf, war Däitsch. Dem Johannes Gutenberg seng Dréckerpress, déi em 1440 entwéckelt gouf, gëtt als Weebereeder fir d'Alphabetiséierung an d'Entwécklung vum Bildungsniveau vum de Mënschen an Europa.



Et gëtt (mat wéinegen Ausnamen) eigentlech nëmme zwou Aarten „Téi“ ze soen: Déi eng ass dem lëtzebuergesche Begrëff änlech („té“ op Spuenesch, „tee“ op Afrikaans, ...). Déi aner ass eng Variatioun vun „cha“ („chav“ op Hindi, „chá“ op Portugisesch). Béid stamen aus China, mee déi Wierder, déi wéi „cha“ kléngen, hu sech haaptsächlech iwwer de Landwee iwwer d'Seidestrooss verbreet, während „Téi“ duerch hollännesch Händler iwwer d'Mier an d'Welt gedroe gouf.

### DÉI HEEFEGST AMTSSPROOCHEN

Englesch		(60 Länner)
Franséisch		(29)
Arabesch		(23)
Spuenesch		(20)
Portugisesch		(10)
Däitsch		(6)

### D'NORWEGESCH SCHRËFTSPROOCH

huet zwou offiziell Formen: bokmål (Buchsprooch) an nynorsk (Nei-Norwegesch).

### SESQUIPEDALOPHOBIE

ass d'Angscht viru laange Wierder.

## Europäeschen Dag vun de Sproochen 26. September

